

Méisproochegkeet liewen

Kanner encouragéieren!



Kommt Kanner, mir ginn eraus an de Bësch.

Haut brauche mir eis Stiwwelen, well am Bësch ass am Moment ganz vill Bulli.

Et ass de Moien och richtig kal, dofir doe mir eis Jackett an eis Mutz un.

Sou, Jack. Sollen mir dir eng nei Pampers undoen?... Jo?...

Als éischt doe mir dir deng Box aus. ... Hëllef du mir? ...

Gutt méchs du dat, good job!

There? ... Jo, wat weis du mir dann do? ... Oh, a star, do hänt ee grouse Stär um Plaffong ...



Handlungsbegleedend Schwätzen

Benennt Gefiller a Géigestänn an de Gespréicher mat hinnen a versicht hir an Är Handlung sproochlech ze begleeden. Sidd e méisproochegt Virbild fir d'Kanner an dréckt lech, wann néideg a méiglech, och an hire Familljesproochen aus.

Iwwert d'„handlungsbegleedend Schwätzen“ erméiglecht Dir de Kanner, op eng spilleresch Aart a Weis, Wiederer a Sätz direkt mat hiren Handlungen ze verbannen.



An hei? Wat geschitt dann hei?

Hues du dat schon emol gesinn?

Wisou ass hien dann esou traureg?

Kannst du dir scho selwer aus der Schoskel huelen? Probéier emol.

Wéi soll ech dir deng Schmier schneiden?

Hues du gesinn wat hei fir ee grousst Lach am Äpel ass?

Wat wëlls du dann nach iessen?

A wat wëlls du gären drénken, Tom?

Äppeljus? Wëlls du gären ee Glas Äppeljus?

Oppe Froen

Gitt de Kanner d'Méiglechkeet hir Sproochen ze benotzen an auszeprobéieren. Stellt hinnen oppe Froen (wien, wéi, wou, wat, wisou) a bannt d'Kanner iwwert dese Wee aktiv an d'Gespréicher an.

Mat „oppe Froen“ erméiglecht Dir de Kanner hir eege Gedanke sproochlech auszudrücken an ënnerstëtzt si domadder am Opbau vun hirem Wuertschatz.



Mmm, da kriss du ee Glas Äppeljus.

A-pi-jus

A-pi-jus, ech



Wow, dat ass awer ee flotten Tuerm.

Futti ... nee!

Nee Lisa, mir maachen d'äin Tuerm net futti. Mir passe gudd op.

Ech hunn iech haut eng ganz spannend Geschicht op italienschesch matbruecht. Sollen mir déi zesumme liesen?

Il topo camminava nella foresta. La volpe l'ha visto arrivare ed era molto felice. „Ciao, topolino, dove vai?“



A wéi enger Sprooch sollen mir dir fir d'äi Gebuertsdag sängen?

Kanner, hëllef dir mir op Portugisesch ze sängen?

Op Portugisesch.

Parabéns a você Nesta data querida Muitas felicidades Muitos anos de vida!!



Wäertschätze vun de Familljesproochen

Wäertschätzt an ënnerstëtzt d'Familljesprooch vum de Kanner. Dës spillen eng zentral Roll fir de Kanner hir sozio-emotional Entwécklung a fir d'Opbau vum alle weidere sproochleche Fäegkeeten.

Weist lech sproochentolerant. Iwwert d'Opgräfte vun de Familljesprooch gitt Dir de Kanner Halt a Sécherheet.



Venez les enfants, je vais vous raconter l'histoire d'une petite fille. ... Voyons, sur sa tête elle porte un ...

Genau, un bonnet, et comment est-elle habillée ?

Uii, que voit-elle maintenant ? ...

... eng Mutz

Elle porte une jupe bleue ...



Brrr ... br ... oh, la voiture est tombée en panne. Je pense que nous devons appeler l'assistance routière. Dring - Dring

Allô, ta voiture est en panne ?

Bonjour Madame, aidez-moi, ma voiture est tombée en panne.

J'arrive. - Tatu ... Tataa ...

Êtes-vous prêts pour notre petit spectacle ? Allez, ceux avec les tambours commencent.

On utilise la main droite - gauche - droite ... et de plus en plus vite.



Kontakt mat der lëtzebuergescher a franséischer Sprooch

Bitt de Kanner d'Méiglechkeet vun engem natierlechen an entspaante Kontakt mat der lëtzebuergescher a franséischer Sprooch. Schaaft spilleresch Situatiounen, déi méiglechst no um Alldag sinn an an deenen d'Kanner vu béide Sprooch profitéiere kënnen.

Iwwert dësen natierlechen Kontakt mat de Sproochen hëllef Dir de Kanner sech besser fir d'méisproocheg Schoul a Gesellschaft zu lëtzebuergescher a franséischer Sprooch.

no enger Iddi vun